adr

Groupe parlementaire

Depot: ~~Fred Keup~~ TOM WEIDIG

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2025

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

ass sech bewosst, datt:

- 2035 um Niveau vun der EU en Zouloossungsverbuet fir nei Autoe mat Verbrennungsmotor a Kraaft trëtt;

stellt fest, datt:

- et a villen EU-Länner dorënner och Lëtzebuerg un där néideger Infrastruktur feelt, besonnesch wat d'Stroumversuergung an d'Luedeinfrastruktur betrëfft;
- de Verbuet déi potenziell nohalteg Technologie vu moderne Verbrennungsmotoren, déi mat E-Fuels bedriwwen ginn, ausschléisst;
- datt vill Experten a Vertrieder aus dem Secteur dat aktuellt Zil als onrealistesch aschätzen, well d'Transformatioun zur Elektromobilitéit komplex an deier ass a souwuel Industrie wéi Verbraucher iwwerfuerdert.
- an der EU vill Aarbechtsplazen un der klassescher Autosindustrie hänken an een abrupte Verbuet 2035 an deem Secteur sech och negativ op d'Wirtschaft an der EU an zu Lëtzebuerg géif auswierken;
- vill aner Länner de Verbuet fir 2035 zeréckzéie wëllen, dorënner och déi däitsch Regierung.

fuerdert d'Regierung op,

- sech bei der EU-Kommissioun souwéi eise Partnerlänner anzesetzen, fir de Verbuet vum Verbrennungsmotor 2035 zeréckzezéien;

Tom Weidig

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**